Hei nach e puer Wuert zu de Personnagen an der Dekoratioun...

D'Astronauten sin drei raffinéiert Jongen vun ongeféier 10 Joer, mä si hun verschidde Charakteren.

de BEN ass den neischnotzegsten, hien heescht Ben L. Winner.
de LEX ass méi gemittlech, vleicht och bessche mockeleg ... an e bessche naiv .... hien heescht Lex Barker
de MIKE kann zwar ironesch gin, mä hien ass e friddleche Kadett an heescht Mike Hardy Jr.

Si hun allendrei Stiwelen un an e groussen Astronaute - Pass op der Droscht hänken mat Nimm, Ofzechen , Stempelen etc.


de Louis FLAMME, Captain Flamme, muss en groussen Helm op hun, e Phantasiebröll a schwätzt franzéisch hannert dem Bildschirm!

d'Patti, eng Weltraum - Miss ... spillt gudd Fee mat Hellef vun sengem Funk! Hat muss e bësschen "extra-terrestre" ausgesin, d.h. mat Antennen um Kapp ( liicht un engem Diadem aus Karton ze befestegen!) a ganz vill selwerblo Speechelen op der Nues an öm d'Aen ... an e renge Make-Up!)

de KIM ( ass en Aafekand mat brongem Gezei, eventuell Teddy-Jackett a brong gemoltem Gesicht) setzt an enger grousser Valise verstopt, ( déi net ze fest zou ass!!) en ass verspillt, wellt alles upachen, sei Billerbuch zerrappen an d'Jongen köddelen, mat den Hoer huelen etc. ( eng Roll fir e Médchen )

den TOM ass en technesch interesséierten Bouw, dé Walki-Tälkien, a Kopfhörer muss hun. Hien setzt am beschten nët op der Bühn, mä virdrun am Sall bei engem Desch.

Fir d'Impressioun vun der Rakéit eremzegin, wär et gudd, wan d'Astronauten sech wéi am Zeitluppentempo genge bewegen ... Mat 4 Descher, 4 Still an e Tabouréen léisst sech licht e Kader fir d'Rakéit bauen. Et muss jhust am Fong genug Platz bleiwen fir de Louis an d'Patti hannert dem Televisiounsschirm....



# EXPLORER AM WELTRAUM

e Sketch

fir Frënn vu Weltraum-Aventuren

( vum Tessy Raus )

Persounen: A 1. Ben ( Astronaut )
A 2. Lex ( Astronaut )
A 3. Mike ( Astronaut )
Erd-Funker Tom
Captain Louis Flamme
Weltall-Funker Patti
e klengen Aaf ... als blanne Passagéier

Dat Ganzt spillt an enger amerikanescher Rakéit mat dréi Astronauten u Bord. Si sin regelmässeg a Kontakt mam Funker Tom vun der Buedemstatioun. Op hirem Bildschirm fänken si e Message vum Captain Flamme an ... dann ... entdecken si e blanne Passagéier ... a kréien zu gudder Läscht onerward Funkkontakt mat engem mysteriösen Funker aus dem Weltall...

Wichteg Accessoiren: E Bildschirm ... kleng roud Luuchten,
Signaltéin - Kopfhörer, Helmer, Loftballoen ...
E Fernrouer, Schreiwsaachen ... Knätsch
Tuben a Pëllekeschten (mat Iessen!!)
E Sonnebrell, e Mikro, eng grouss Valise...
.... eventuell eng Täscheluucht, Händschen,
e Kompass, en Täscherechner... an e Bried mat
allerlee Knäppercher ... e Radio ...
an e Globus oder Landkarten
e Photoapparat
(Mickeymausheft fir Kim)
e Kappillem
e grousse Bröll

Prolog

( Gëtt geschwaat vum Louis Flamme)
( elo natirlech nach ouni Helm an grousse Bröll!)

Mat eise Frenn Ben, Lex an Mike versetze mir eis elo gleich an de Weltraum! Si sin allendréi do ennerwé an enger friddlecher Missioun ... als Explorer an enger amerikanescher Rakéit! Si sin regelmässeg a Kontakt mam Funker Tom Hassleter vun der Buedemstatioun. Op hirem Bildschirm fänken si dann opemol onerwaarte Messagen an ...
a fannen souguer e blanne Passagéier, irgendwou, irgendwinni ...
loose mer eis iwerraschen.
Ech well Iech nämlech elo net zevill verroden a wenschen Iech e bessche Spass mat eiser Exploratioun am Weltraum ....

A 1 - Ben: ( huet e grousst Fernglas) O kuck Lex, hei, neen, kuck do - et wees e bal nët, wuer e fir d'éischt kucke soll -..... geseis de och déi immens Insel do?

A 2 - Lex: (mecht d'Hand iwer d'Aen) Wou? Jhust hei ënner eis? Ech hat gemengt, dat wär eng rieseg Schildkröt mat hirem Klengen ....

A 3- Mike: ( rëselt de Kapp!) D'mirkt een gudd bei dir, dass déi Papp eng rieseg Farm huet mat allerlee exoteschen Déiren derbéi. Du muss gudd oppassen, no eppes méi wéi 2 Millioune Kilometer entdecks de bestömmt d'Moundkallef!!!

(A 1, A 3 lachen ... A 2 mecht eng Schöpp ) dann pi-pi-pi Signal

Funker Tom : ( schwätzt monoton ) Allo, allo, Ben, Lex a Mike! Allo melden! D'Arbecht rifft! Kontroll vu Vitesse, Ben! All 5 Minuten Distanz zur Erd moossen, Lex ....

A 1- Ben : D'accord, Tom. Mir hun souwiesou keng Zeit hei fir James Bond Memoiren ze liesen oder gemittlech Kaart ze spillen!

Funker Tom : (monoton) Bond Memoiren, dass eppes fir pensionnéiert Detektiven! Allo! Seriös oppassen Lex: ech widerhuelen, All 10 Minuten Kontroll vun Erddistanz an Iwerwachung iwer Aussentemperatur. Mike: All 15 Minuten eng Photo vun der Weltkugel!

A 2 - Lex: Hei schwätzt A 2! Ech hun meng Lektioun gudd geléiert. A Mathé war ech souwisou ni schlecht a Computer-Spiller sin och nach haut mein Hobby ....

A 3- Mike: Mengs de vleicht, se hätten dech als Astronaut gewielt, wells de Spezialist fir Walfösch oder Büffele wärs!

Funker Tom : A 3, de Wecker stellen! Du bass den éischten, den schlofe muss! Stop! Dat sin all Instruktioune bis an 30 Minuten. Salut!

A 3- Mike: Moment: fir d'éischt eng Foto! ( Knipst!) Ech sin gespant op d'Fotoe vun eisem Start ... Wéi ech d'läscht Woch de Film vum Shattle nees gekuckt hun, ass mir den Otem bal eweg bliwen vun Opregong ... an dass dé mir no 6 Stonnen nët erem ewech-bleiwt, huelen ech elo eppes z'Iessen eng Oennenzoppepöll an en Tube Cornflakes ... firum Aschlofen! Ben, so mer nach jhust eis Vitesse ...

A 1 - Ben: O.k. hm, mir hun eppes 27.000 km an der Stonn, mir fléie ronn 130 km héisch, an e puer Minuten trenne mir eis vum Tank, da gét et nach e bëssche méi séier ... fir präzis ze sin, mat 28.300 km à l'heure ....

A 3 - Mike: Gudd, A 1, bien ... A 2 ... du mech jo Fotoen wann ech mech op d'Ouer geluecht hun? (Helt en Tube an e Pelleglas aus enger Täsch ) Un déi Pöllen hei muss ech mech emol gewinnen ... ( gëtt denen aneren och eng a leet sech schlofen!)

A 2 - Lex : Du nët eleng! Grenger sin Ierzebulli, rouder sin Hamburger mat Ketchup - hun se weiss Töppelcher , ass et Pasta Schutta, Oranger ass Omelette ...

A 1 - Ben : Du irst dech, Lexi, Pasta Schutta hu mer am Tube an Pastéit och ...

A 2 - Lex: Mit wär en uerdentleche Menu wéi bie der Mom am Daddy léiwer. Mä wat mecht een nët alles fir Astronaut ze gin! Mer mussen elo e bëssche méi lues schwätzen ... bis de Mike schléiwt ... So, ech fannen et fantastesch, dass jhust mir drei d'Chance hun, hei mat ze fléien ... Fréier gouf ech schon schwindeleg um Rieserad am Disneyland ... So, mir sin bestëmmt déi jéingst Astronaute vun der Welt ...

A 1 - Ben: Natirlech, an domat beweise mir, dass an Zukonft d'Wëssenschaft och fir Kanner muss verständlech gemach gin ...

A 2 - Lex: Jo, an da wësse mir zou desem Thema méi wéi eis Schoulmeschteren. Ech fanne jhust, mir sin hei ebësschen eleng an zimmlech weit vun doheem. Ech verlaangeren ...

A 1 - Ben: ( fällt him an d'Wuert ) : no dengem Papagei vleicht ...

A 2 - Lex: Jo, no dem a mengem Poni. Wa mer iwer Florida fléien gëss de mer dann d'Spektive?

Pi.pi.pi Signaler ... ( sie huelen Kopfhörer erbei ... )

A 1 - Ben: A wat war dat elo? Den Tom, oder vleicht eng auslännesch Rakéit, déi sech veriirt huet ...?

Nach Signaler: Pi-pi-pi ... eng roud Luucht blenkt op!!!

Funker Tom : Ben, Lex a Mike, allo, allo, erschreckt net. Ech rufen Iech fir en Text. Sicht am 3. Tirang önner dem Schirm do sin Loftballoen dran. Dir sollt der zwee opblosen... fir ze kucken, wéi se an der Schwéierlosegkeet schwiewen...

A 2 - Lex: Hoffentlech sin et nët dem Nena aus Old Germany seng 99! ( summt d'Melodie)

Funker Tom: Allo, allo, hab op mat sangen, spur dein Otem fir ze blosen, ech zielen: 1,2,3,4,5,6,...

A 1 - Ben: ( bléist bis de Ballon platzt ... a seet drechen) Operatioun messlongen, deet mer leed!

A 2 - Lex: laacht, elo sin et der nëmme méi 98 ... ( huet och én opgeblosen )

Funker Tom: Allo, allo, ophalen mat lachen, spur deng Energie fir d'Distanz exakt ze moossen...

A 3 - Mike: ... schnarcht ... grommelt eppes vun Schokelas ... mousse ... a schleckt iwer dem Schlofen ...

A 1 - Ben: Dén huet awer e feste Schlof, en ass emol nët vum Ballon erwächt ... ( de Ben leet sech duerno .. d.h. nodem de Mike sech gudd gestreckt huet an erwächt ass!

Nei Szene ...

Elo ass de Mike erem wackreg an de Ben schléiwt, mat Deckelen op den Aeen, a Kopfhörer op, déi nët ugeschloss sin, natirlech ...

A 3 - Mike: Op de Flugsimulatoren hu mir de Start 100 mol trainéiert all eis Geste sin automatsch gin, Mir hun eis och un eise neie Dag-Nuecht Rhythmus gewinnt - an awer mengen ech heiansdo ech géing drémen ...

A 2 - Lex : A wéi mer opgeschoss gouwen, sin d'Pelikanen an hiren Näschter geflunn, an d'Möwen hun sech onroueg op d'Mier gesat ...

A 3 - Mike: ... an elo hun eech schon 10 Filmer verknipst vun alle Kontinenter,mir sin iwer den Nordpol geflun an hun rieseg Wüste gesin. Ech muss emol om Kompass kucken, a kontrolléieren op alles klappt. De Computere hir Reaktioune sin o.k.... Eigentlech hätt ech elo Appetit op eng gudd Pizza mat Champignoen ...

A 2 - Lex: .... schwätzt mer nët emmer vum Iessen, ech wollt emol en Dag e bëssche Faaschten! An en Tiirchen trëppelen wéillt ech och. Schued, dass mer nët op de Mond fléien...

pi.. pi.. pi.. Signaler sin rem do... den A 3 lauschtert an de Kopfhörer a sét dann:

A 3 - Mike: Nëmmen e Rappell fir nei Photoen. So, mir mussen emol eisen Televisiounsschirm aschalten...
( dreckt e puur Knäppercher, ...) Hei kuck, d'mengt een, mir hätten de Captain Future .... Op wat fir enger Statioun ass en, hoffentlech nët an enger friemer Sprooch...

Hannert engem Cartons Bildschirm geseit een de Kapp vum Captain Future, hien kuckt jhust eng Landkart ... ) da schwätzt hien, op Franzéisch...

( d'Patti mecht Belichtung mat Täscheluucht!)

Captain : Aujourd'hui, j'ai une mission spéciale et dangereuse... Naturellement, le Capitaien Flamme, dans la vie privée Louis Flamme, n'a jamais peur. Si par hasard, il risque d'être a bout de force, c'est pas la ruse qu'il gagne...
( Da Musek.!!)

A 2 - Lex : hues du dat elo gesin! Ech hat bal gemängt,hien kéim lieweg aus dem Ecran eraus.

A 3 - Mike: Oder hien wär jhust mat engem Raumscheff dobausse gelandt. Ewéi den E.T. oder irgendeen aneren Ausserirdeschen. Lauschter, elo schwätzt en erem, gudd, dass mer e puer Wuert franzéisch verstin...

Captain Flamme: Je dois absolument retrouver ma petite fille, mon trésor disparu, la pauvre petite Roméa, enlevée si cruellement par un espion ennemi. Si c'est vraiment un extra-terrestre qui l'a enlevée, je vais le poursuivre avec ma fusée ultrasuper et superbe! Roméa, envoie moi un message,ma chérie!

A 3 - Mike : So, ech fannen, hien schwätzt elo ganz anescht wéi soss, hien steht net do wéi e Superman, mä wéi e Papp, den Problemer a Suergen huet ...

pi..pi..pi.. schon erem Signaler ... déi héieren sech bal un wéi en SOS, eng Luucht blenkt op, de Ben wackelt, wéi wann en erweche géiw ...

A 2 - Lex : Schnell d'Télé aus, (Belichtung aus!), dat do ass en extraordinairt Signal. Allo. Allo, wat ass geschitt, Tom?

Funker Tom : Opgepasst: de Buedemkommandant meldt: E Spioun ass u Bord, de Radar ass ganz opgeregt ...
Neen, de Radar meldt an de Kommandant ass opgeregt ... allo?

A 2 - Lex : Keng Panik, mir checken de Problem gleich ...

A 3 - Mike: Du hues gudd schwetzen, mir schwiewen hei an enger immenser Gefohr, solle mer de Ben eigentlech roueg weiderschlofe loossen?

A 2 - Lex : Roueg, lauschter, ech héieren e komescht quitschen! ... vleicht ass eng Panne um Computer ...

A 3 - Mike: Quatsch, et kennt jo och e feindleche Roboter sin ... ( si lauschteren, becken sech a sichen hei an do ...)

Funker Tom : Allo, allo, ass de Spioun dépistéiert?

A 2 - Lex : Jo, nén, mä hei an der Valise quietscht eppes ewéi e jonge Mippchen ... Ben, Mike ... huelt de Lachgaas, den Tréinegaas ... ( de Ben ass elo endleche richteg erwächt an huet irgendwou e groussen Hummer erbeigezaubert...)

A 1 - Ben : Komm, Lex Virsiichteg d'Vallise opgemacht... ( Ir si sech ëmsin hun, sprengt e klengen Aaf hinne virun d'Féiss)

A 3 - Mike: Wann dat do e Spioun soll sin , ....

A 1 - Ben : (ganz sériös) A-2, Lex hues du de blanne Passagéier do vleicht erageschmuggelt?

A 2 - Lex: A 1, pass op was de sées, d'ganz USA héiert dech ...

Funker Tom : pi .. pi .. pi .. allo ..

de Mike äntwert ( ongefrot ): Hei A 3, d'war falschen Alarm, de Spioun ass entlarwt ... he soutz an enger Valise a geséit aus wéi en Aaf aus dem Dschungel ...

Funker Tom : pi .. pi.. pi.. laacht ... O.K. Missioun erfëllt, Test bestaan. Elo musst der Iech mat dem Déier débrouilléire Dir huet jo hoffentlech nach e puer Tube Banane ... Elo wou seng Schlofpöll nët méi wirkt, huet hien en Aafenappetit!

eng nei Szene ....

A 1 - Ben : Mat esou engem Aeffchen ass et nët esou langweileg u Bord, fand der nët?

A 2 - Lex : Mach deng Aarbecht, A 1, da langweilst de dech nët!

A 1 - Ben : Ech sin derbei. Ech sin jhust op der Piste vum Telstar, dem éischte Satellit, den se 1962 lancéiert haten, an den déi éischt Livebiller iwer den Atlantik gesendt huet.

A 3 - Mike : So, hat den eigentlech schon eng Parabolantenne déi schwenkbar war fir Signaler aus dem All opzefänken .. fir spéider Satellitesignaler ze empfänken...?

A 2 - Lex : Gëtt dir zwee nees roueg un ... Elo ass meng Zéit dor fir en Tömpchen ze haalen! ( Lex schléiwt duerno an!)

A 3 - Mike : Good night, Big Boy an dreem eppes schéines ... ech fidderen gleich eise blanne Passagéier, ( zum Aäf) So, wéi heeschst du eigentlech ?

Aaf ( weisst d'Zänn) a rifft: Kim, he he he, Kim!

A 3 - Mike : Super, en huet mech verstaanen, da komm bei dein klenge Cousin ...

A 1 - Ben : ... Kim ... lauschter dem do nët no, mir sin seriös Explorer - déi jéingst Astronaute vun der Welt - mir maachen den Inventaire vun den amerikanesche Satelliten ... Si mengen nämlech, si hätten een am Weltraum verluer!

A 3 - Mike: Bleiw eng Minute roueg, Ben, dat do gett eng formidabel Foto, du an de Kim! (knipst eng Foto!)

A 1 - Ben : ( mecht "Cheese" !!! ) Immens ... so, ech géiw esou gär dem Lex eng stiichten ... Hu mer nach Chewing Gum? Wuer huet en seng Stiwele gesaat? Mir machen him es dran.

A 3 - Mike: Du vleicht, mä ech nët. Et géing mech emol interesséiren, an een vun den 4 TV Programmen eranzeluusen, déi den Intelsat VI den Owend iwerdréit...

A 1 - Ben : Haha, léiwer géing ech dem Mister President emol eng falsch Verbindong gin, wann hen mat engem Scheich aus Kuweit telefonéiert...
( amséiert sech mat Knetch ... a gëtt natirlech ... dem Kim es och ....)

(de Mike knetcht net ... hien setzt beim Bildschirm an dréit un engem Knäppchen ... deet Kopfhörer op a peift "jingle bells ...")

A 3 - Mike: Kim, nët ofschlecken, gell! ( de Kim probéiert eng Blos) ( de Mike dréiht weider ) (ouni Succès) ( Hien mecht ewéi wann hien mam E.T. géing schwätzen) : Hello. E.T. phone home, Hei Explorer, mir sin Frënn vum Elliot a vum Michael ...
op emol knackst et um Bildschirm ... si kucken an entdecken e Kapp vun hannen mat laangen Hoer an Antenen ... eng Stemm seet .... ( Louis mecht Belichtong)

Stemm : Hei ass d'Patti, Here ist Patti, Ici Patti, Listen, friends .... écoutez mes amis, amigos, hier spricht Patti von einem unbekannten Platnten .. la planète inconnue salut .....

A 1 - Ben : Patti, bass du e Roboter, are you a Robot, Ou es-tu? Patti, réponds à tes amis terrestres, Von wo sprichst du? Es-tu extra-terrestre?

Patti ... mais qui est-tu, d'abord ton nom, ta mission? Your name ? Bist du Mensch?

A 1 - Ben : Oui, Patti ... nous trois explorer boys ....

A 3 - Mike : Bonjour Patti, voix mystérieuse! Nous avoir mission secrète, nous, Ben, Lex et moi, Mike. Est-ce que tu connais Roméa, la fille de Captain Flamme ... par hasard?

Patti ... No,no ... ich bedaure ( dann knackt es in der Leitung, und die Verbindung ist unterbrochen ...) ( Louis ... Lucht aus !)

Gudd, dass de neischt vun eiser Missioun verroden hues, an dass d'Kim roueg war. Brav Kim! Mä op wat fir enger Statioun has du déi Entdeckung gemach? Wann de Lex nees erwecht ass, fänke mer d'Patti nach emol an , he!???

Iwerdeems grommelt de Lex eppes komesches - undeitleches ....)

A 2 - Lex : Daddy, bye, bye bis muer ... ( Hien erwecht lues ) .... Wat hat ech elo fir en Dram! Ech gesouch e grenge Satellit mat verbrannte Solarzellen, Den huet eis verfollecht a wollt eis unzaapen ... Ech hun nach kleng Explosiounen héieren a sin vun de Knäll erwecht!

A 1 - Ben: A mir haaten och eng Aventure, awer eng richteg!
Mir hun e komescht Wiesen mat Antennen entdeckt, dat sei Gesicht nët weise wollt!

A 3 - Mike:T'war immens, et konnt mindestens 6 Sprochen...

A 1 - Ben :Séier, Mike, sich et erëm! Kim, hei hues de eppes fir ze spillen ( gett him e Sonnebrell ... an eng Zeitung !)

A 2 - Lex: Mein Dram wor och immens, vleicht huet de Satellit, dé mer sichen och e Schued un senge Solarzellen ...!

A 3 - Mike:Psst, ( et knackst gelungen!) Psst Jongen. D'Patti ass nés an der Géigend, ech héieren sein Otem! ( Louis mecht Luucht un! )
( et héiert een eppes blosen a keichen )
( t'knackst virun)

Patti ... Saluti, hello my friends ... Attention ... Danger ... en Tornado ... attention ... en Tornado dangereux bedroht d'Atmosphäre an 100 km Héicht ...

A 1 - Ben ... Patti, merci fir den Avertissement! De Moment si mir nët bedroht, mir fléien jo duebel esou héich ... Lex, kontrolléier gleich...

A 2 - Lex: ... Mä Tornadoen sin onberechenbar ... Miss Patti ... sidd dir dann och a Secherhét?

De Moment wou de Lex Miss gesot huet, dréit d'Patti sech em.... hat huet en hellblôt Gesicht ( getöppeltent )----

A 3 - Mike: ... Ech woust net, dass du sou eppes wéi eng Fee wär's eng gudd Fee, déi d'Astronaute beschützt ... Also ass et secher, dass et Extra Terrestre Wiese gett... ech hun et jo ëmmer gewosst ...

Patti : An ech hun bis elo ëmmer nëmmen 2 Meter grouss Astronaute gesin, des géants pour moi, qui mesure seulement 1,30 m ah, wous êtes mes amis, je défends au Tornado de vous faire peur ... ( Louis ... Luucht aus!)

A 2 - Lex: Super, wat e Wiesen!Mä loose mer emol mat dem Fernrouer no dem Tornado do sichen ... Ech hun eng Idee! Funck dem Tom op d'Erd erof, dass de Sturm keng Katastroph mecht ... ( Kuckt durch d'Fernrouer) ... Do ennen dämpt et fiechterlech, soll dat schon eng Katastroph sin?

A 1 - Ben :( um Funk ) allo, Tom, Hei Explorer .. héierste! En S.O.S Tom! Den A 2 huet e katastrophale Brand entdeckt, Wou, A 2 ... wou ass dat schrecklecht Feier? ... Moment ... ( Lex schreiwt et op!) den A 2 récht mir den Ziedel: Insel Korsika ......

Funker Tom:Merci fir den Alarm, mä wou léit ärt Korsika???

A 3 - Mike:( schallt sech an) ... d'ass eng Insel an Old Europa, präzis am nördleche Mettelmier ... am selwechte Längegrad wéi Boston, Vladivostok oder Istanbul ... alarméier einfach Paréis.

Funker Tom:... du bass gudd, ech kann nët vill franzéisch, allo ... ech melden dem Kommandant, dass dir eng Feierkatastrophe entdeckt huet....

A 2 - Lex: ... jo, a meld gleichzeiteg, dass mir muer penktlech landen, an dass hien niewt de Reporter och esou e gudde klengen erfröschende kaale Buffet soll opstellen!

Schlusswuert

( gëtt geschwat vun der Miss Patty )

( mat Antenne a Make-up ....)

Jo, loost Iech iwwerraschen, Jongen! Ech wënschen Iech fir d'éischt op alle Fall emol eng gudd Landung ... Good luck! Dir hutt Iech jo zimmlech gudd débrouilléiert bei ärer Missioun am Weltraum ... als jéingsten Astronauten vun der Welt ward dir formidable ... super! Well dir hutt jo eng grouss Katastrophe verhënnert op enger Insel am Mëttelmier! E Bravo fir eis Helden!
Déi nächste Kéier gitt dir secher agesaat fir nach méi eng grouss Missioun, eng mission secrète ...
peut-être ... bis op de Mound! An da gesin mir eis bestëmmt erem !! Wonderful! Bis dohin wënschen ech Iech är Aufgaben an der Mathematik grad esou éescht ze huelen wéi är Roll als Explorer!